
# Léiwer schreiwe wéi eng Mëss liesen

*A Frankräich suergt zanter e puer Wochen e Buch ënnert de Journalisten fir eng gewëssen Opreegung:* Bien entendu... c'est off. *Doranner geet et em d'Aart a Weis, wéi politesche Journalismus a Frankräich gemaach gët a wat déi politesch Journalisten alles nët verzielen. Geschriwwen huet dës Polemik den Daniel Carton. Bis virun e puer Joer war hie selwer ee vun deenen, mat deenen hien elo schaarf an d'Geriicht geet. Villes vun deem, wat de Carton besonnesch de politesche Reporter virgehäit, as richteg. Mee as et och nei?*

Romain Kohn

De Daniel Carton kënnt aus ëischter aarme Verhältnisser. Datt hien aus der nordfranséischer Provënz erausfonnt huet, verdankt hie nët fir d'Iescht der Kierch. Well de Carton Paschtouer wollt gin, huet si hien ënnerstëtzt. Sou konnt hien d'Première maachen — quitte datt hien bis dohinner laang décidéiert hat, awer léiwer eppes aneschteres am Liewen ze maache wéi Massen ze halen.



*Daniel Carton*

Iwwert e Stage gouf hie Lokalredakter bei der konservativer *Voix du Nord* zu Valenciennes, duerno hiere Reporter zu Paräis, ier hie gudd 10 Joer an der politescher Redaktioun vu *Le Monde* geschafft huet a schliisslech fir kuerz Zäit beim *Nouvel Observateur* geland as. Viru gudd 5 Joer huet de Carton sech dégoûtéiert aus dem Beruff zeréckgezun, wéinst enger Geschicht, déi typesch as fir dat, wat hien a séngem Buch kritiséiert.

Et goung drëms, wien no de Parlamentswale vun 1997 franséischen Ausseminister géif gin. De Michel Rocard huet sech laanscht den désignéierte Premier Lionel Jospin e Rendez-vous beim President Jacques Chirac geholl. Dat gouf de Carton gewuer an huet et publizéiert. De Rocard war nët frou an huet säin Afloss beim *Nouvel Obs* agesat, fir datt de Magazine dës soi-disant falsch Informatioun géif riichtbéien. Wat dunn och geschitt as, obschons alles gestëmmt huet. Ëréischt no dräi Wochen huet d'Redaktioun sech gewiert a geschriwwen: "Mir bleiwe bei eiser Duerstellung." Ze spéit: den Daniel Carton hat schon démissionéiert.

Natierlech spiert ee mat Momenter nach haut, datt et dem Carton déck deet, well hie gemengt huet, säi Beruff missen opzegin. Mee séng Kritik as a kengem Fall aus der Loft gegraff. Politiker a Journaliste sti sech ze no. Duuzt ee sech géigesäiteg, feelt dem Reporter mat Amenter déi kritesch Distanz. Oder: Wat bréngt et dem Redakter, fir Pätter bei engem Deputéierte séngem Meedchen ze gin? A wann ee bis dem Kulturminister séng Offer akzeptéiert, fir hei an do op eng Première invitéiert ze gin, dann as et mat der Onbefaangenheet séier eriwwer. Wie kennt dat nët, dee jee am Lëtzebuerger Journalismus geschafft huet? Dat as gewëss nach keng Korruptioun, mee et fehlt awer och scho laang un Integritéit.

**Wann e Politiker engem als Äntwert gët: "Ech verzielen Iech dat gäeren, mee et as nët fir ze schreiwen...", da sollt een hien am beschte bremsen, soss huet ee verluer. Well esouguer wann een dës Informatioun vun enger zweeter Source konfirméiert kritt, kann een si als Journalist nët méi benotzen.**

An dann dee berühmten Off, eng grandios Erfindung, fir e Journalist op séng Diskretioun ze verflichten. Wann e Politiker engem als Äntwert gët: "Ech verzielen Iech dat gäeren, mee et as nët fir ze schreiwen...", da sollt een hien am beschte bremsen, soss huet ee verluer. Well esouguer wann een dës Informatioun vun enger zweeter Source konfirméiert kritt, kann een si als Journalist nët méi benotzen.

De Carton huet natierlech an allem recht, nëmme jhust: hie schéngt ze vergiessen, datt all dës schappeg Manéieren nët nëmmen bei de politesche Reporter agerass sin; et gët si genee esou am Wirtschaftsjournalismus, a scho guer nët ze schwätze vum Rees- an Autosjournalismus.

Bal kënnt et mir vir, wéi wann den Daniel Carton enger Zäit géif notraueren, déi et nët méi gët, enger Zäit, an däer d'Politik nach sérieux

geholl gouf, vun de Mandatären esougudd wéi vun de Bierger, enger Zäit, an däer d'Journalisten nach ganz d'Roll vum Watchdog, dem moraleschen Oppasser, gespillt hun. Duerfir bedauert hien och, datt *Le Monde* de Fils vun engem Deputéierte vu Paräis iwwert d'Aktualitéit am Paräisser Gemengerot schreiwe gelooss huet. Datt *Le Monde* selwer e schlecht Gewëssen hat, kann een dorunner erkennen, datt de Journalist säin Numm huet däerfe liicht anescht buschtawéieren wéi a séngem Pass. Op déi Manéier huet de Lieser de Lien mat dem Papp nët méi erkannt. Keng ganz éierbar Methoden.


Christine de Veyrac


Valéry Giscard d'Estaing

Iwwerhaapt as den Daniel Carton nët gudd op *Le Monde* ze spriechen, op d'manst nët *Le Monde* ënnert der Direktioun vum Jean-Marie Colombani. "Le prince des ténèbres", nennt hien en, an de Carton as nët den éischten, deem dem Colombani säin onmoossegen Eiergäiz no politescher a publizistescher Muecht dénoncéiert. Schon de geschasste Chef vu Vivendi Universal, de Jean-Marie Messier, huet a séngen Erënnerunge *Mon vrai journal* verzielt, wéi de Colombani probéiert huet, hien ënner Drock ze setzen. Et goung drëms, datt *Le Monde* gäeren den *Express* kaaft hätt, de Messier awer nët wollt verkafen. Dorops hätt de Colombani sënngeméiss gesot: "Da gitt Dir gewuer, wat et heescht, *Le Monde* während 20 Joer géint sech ze hun." Sou war et dann och, jhust datt et vill méi séier goung, ier de Messier gekippt gouf...

Ganz zum Schluss hieft den Daniel Carton dann een Off op, iwwert deen hien a sénger aktiver Zäit ni e Pippcheswuert verlaude gelooss huet. Sou wéi séngerzäit de Philippe Alexandre a *Paysages de campagne* révéléiert huet, datt de François Mitterrand eng heemlech Duechter hätt, déi Mazarine géif heeschen, verréit de Carton, datt och de fréiere President Valéry Giscard d'Estaing e Fils huet, deen nët vu sénger Fra as. An datt hien alles dru gesat huet, fir datt d'Mamm an d'europäescht Parlament géif gewielt gin. Do sëtzt d'Christine de Veyrac dann och zanter 1999. Dat as elo nët méi off...

*(Fräie Micro um Radio 100,7 vum 12. Februar 2003)*

**Wat bréngt et dem Redakter, fir Pätter bei engem Deputéierte séngem Meedchen ze gin?**

LÉGUMES BIO

co-labor s.c.

105, route d'Arlon L-1140 Luxembourg Tél.: 44.78.83 / Fax: 45.92.45